

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13018 LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 Stuff an engem App.
Spilldauer:	+/- 90 Min.
Rollen:	6
Frauen:	3
Männer:	3
Rollensatz:	7 Hefte
Preis Rollensatz	125,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13018LU

Ech sinn ze al! Ass et dat?

(Kaméidistéck an in 3 Akten)

vum

Jos Weimerskirch

Inhalt :

De Krëscht, iwwer 50 huet en jonk Fra vu 25 verféiert. Lo wëll en hat halen. mee et wëll keen him hëllefen.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

Eng Stuff an engem Appartement.

Persounen:

Persounen	Beschreibung	Asätz
Krëscht Nonzeng	den ale Mann	
Nadine	di jonk Fra	
Paul	dem Nadine säi Papp	
Irma	dem Nadine seng Mamm	
Jean-Claude	dem Amy säi Frënd	
Amy	dem Krëscht säi Meedchen	

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

Szeen 1

(D'Nadine, jonkt Meedchen em 20 Joer kennt op d'Bün. Hannendrun ass de Krëscht, e Mann an engem méi räifen Alter.)

Nadine Dominique lauschter! *(Si hält d'Hand op den Handy a seet zum Krëscht.)* Häerzi, komm eran. *(dann an den Telefon zum Dominique.)* Hal op ze kloen, decidéier dech. Wann et Daer leed deet, dass Du e sëtze gelooss hues da ruff him un an entschëlleg dech! Wa net stéi zu dengem Entschloss a lief däi Liewen. Enner eis: Wanns de 1 Mann verléiers gewënns de 10 neier. *(zum Krëscht)* Dat mengen ech net fir dech Häerzi. *(zum Telefon)* Ech hu mäin Deckel fonnt. Fir wat solls Du däin dann och net fannen! *(zum Krëscht)* Dat war fir dech! *(duerch den Telefon un dat wat op der anerer Säit un hirer Meenung festhält)* Ma neen, maer sinn net verschidden. Du wäers gesinn, och Du wäers dat grousst Gléck fannen. A meeschtens kënnt dat wann een net domadder rechent. *(Dat um Telefon freet fir, dass et laanscht kënnt)* Dat geet elo schlecht, maer waarden op meng Elteren. Ech muss hinnen de Krëscht virstellen. *(denkt no a kuckt op seng Auer)* Anersäits, se kommen eréischt an enger hallwer Stonn. *(zum Krëscht)* Géif et Daer eppes ausmaachen, wanns Du e puer Minutten op mech waarde muss?

Krëscht Vill.

(D'Nadine ass roueg a kuckt e flehend un.)

Krëscht Ech maachen de Geck.

Nadine *(an den Handy)* An der Rei. Ech kommen. Mee ech warnen Dech. Ech bleiwen net laang. Bis geschwënn. *(si hänkt an)* Et geet him wierklech net gudd! Hat ass rosen, dass et him de Kuerf ginn huet a weess net wéi et dat réckgäנגeg maache kann.

Krëscht Dat léiert hat een beim klengsten Aua, op d'Schëff ze schécken.

Nadine Jo, an elo ass et geschidd. Éierlech mécht et Daer wierklech näischt aus aleng ze sinn?

Krëscht Et wäert scho goen. *(eng Paus)* E sou e Waarden mécht mäin Verlaangen no Daer nach méi grouss.

Nadine Ech kommen direkt erëm.

Krëscht Bleif esou laang wéis de brauchst. Soll ech mat Daer matgoen?

Nadine *(wénkt "Nee" mam Kapp)* Ech mengen hat fillt sech besser wann ech aleng kommen.

Krëscht *(verstoppt esou gudd et geet seng Onzefriddenheet)* Di kleng Geheimnisser.

Nadine Ech hu keng Geheimnisser virun Daer.

Krëscht Du jo, mee hat.

Nadine *(bestätegt)* A dat!

Krëscht Mee, Du bass just dat Eenzecht wat fir mech zielt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Nadine (*bestätegt*) Kuck! (*eng Paus, fiert mat eppes anescht weider*) Ech froe mech wat si denken.

Krëscht Wien?

Nadine Meng Elteren!

Krëscht Mach Daer do keng Gedanken Maer wäerten eis gudd mateneen verdroen.

Nadine Mengs de?

Krëscht Esou wéis Du maer se beschriwwen hues, sinn se fir all Iddie op. Ech ka gudd mat Leit ëmgoen. Maer wäerten eis gudd mateneen verdroen.

Nadine Ech hoffen et!

Krëscht Si wëllen dach och, dass Du glécklech gëss. Maer kënnen eis just mateneen verdroen.

Nadine Du hues Recht. Ech maache maer ëmsoss Gedanken.

Krëscht Ausserdeem, well maer am selwechten Alter sinn, musse maer eis verstoen.

Nadine Ech muss goen wann ech virun hinnen zeréck wëll sinn. Während 's Du hei op se waarts, fill dech wéi doheem an zerwéier dech.

Krëscht Sief berouegt.

(*D'Nadine geet. De Krëscht hëllt sech a Glas a kontrolléiert, dass d'Nadine och wierklech fort ass ier hien telefonéiert.*)

Szeen 2

Krëscht Hallo! Ech sinn et. Ech wollt just froen wéi et mat deem Klenge sengem Examen gaangen ass. (*Si freet en ob dat e wierklech interesséiert*) Natierlech interesséiert d'Schoul mech. Versich net mech ze beschëllegen! Du hues et scho fäerdeg bruecht, dass d'Amy géint mech ass. Komm maer elo net mat der Geschicht vun deem Klengen. (*si versteet hien net*) Du weess ganz genau wat ech soen. Lauschter ech hu Wichtegeres ze dinn. (*eng Paus*) Hallo, et ass de Papp. Ech ruffen Daer un fir dech ze froen wéi et an der Philo-prüfung war. Ech konnt Daer gëschter net uruffen. Daagsiwwer hat ech onmoßeg vill wichteg Problemer ze léisen an owes hunn ech de Gesanksveräin missen dirigéieren. Well ech hinne verbueden hunn während de Prouwen en Handy ze benotzen, kann ech mäin jo och net benotzen. Ech muss jo mam gudde Beispill virgoen. (*si schwätzt*) Wéi? Den Examen war eréischt haut? Pardon, ech hunn do eppes verwiesselt. Wéi en Dag si maer haut? (*si äntwert an d'Äntwert berouegt hien*) Ech hu näischt verwiesselt. Ech hat gemengt haut wier den 23ten. Ech hat maer däin Examen fir den 22ten opgeschriwwen. Mee ech hat gemengt dat wier gëschter gewiergt (*eng Paus*) Wisou bass Du dann elo schonns doheem (*Si erzielt him, dass si e wäisst d'Blat ofginn huet*) Wéi? Mee an der Philo do gött een kee wäisst Blat of. (*Si freet hien wat se dann hätt sollen ofginn wann si näischt ze soen hat*). Du schreifs egal wat. Wat Daer grad an de Kapp kennt. Do ergëtt sech dach sécher heiansdo eppes! Mat e bëssen Tënt kritt een do seng Punkten (*eng Paus*) Bass Du Daer bewusst, dass deen, deen deng Äntwerte bewäert, 50 € kritt just fir 2 Sekonnen drop ze kucken an eng Null drop ze setzen? Du bass wierklech net esou gescheit wéi deng Schwëster. (*Si seet him, dass hien do war fir mat der Schwëster ze léieren*). Nee ech war net do fir him alles ze erklären, hat huet ëmmer selwer geléiert. Ob alle Fall deng Vakanz kanns

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Du vergiessen. An der grousser Vakanz leiers Du deng Philo (*eng Paus*) a wann' s Du wëlls, kommen laanscht fir mat Daer ze léieren. (*en héiert e Kaméidi*) Ech loossen dech.

Szeen 3

Paul (*kënnst eran*) Maer sinn et!

Krëscht Moien Monsieur.

Paul Moien, Ass d'Nadine net do?

Krëscht Hat ass bis bei seng Frëndin d'Dominique.

Paul D'Dominique ass e léift Meedchen. Mee hat kräisch bei all Dommheet. (*no baussen*) Du hues gudd Zäit, si sinn nach net do (*zum Krëscht*) An Daer sidd?

Krëscht Krëscht Nonzéng!

Paul (*reagéiert op dee Numm, awer e bëssen erstaunt*) Ah Si Daer dee glécklechen?

Krëscht Ech hunn déi Chance. (*eng Paus, e bëssen onwuel*) Hat Daer Aech mech méi jonk virgestallt?

Paul An Fong jo.

Krëscht Mécht den Altersënnerscheed Aech eppes aus?

Paul Guer net. Mäin Meedchen mécht mat sengem Kierper wat hat wëll, (*eng Paus*) mat sengem Kapp schliisslech och. Et freet mech wierklech Aech kennen ze léieren.

Krëscht Mech och.

Paul Sidd häerzlech Wëllkomm an der Famill!

Krëscht Ech soen Aech Merci.

Irma (*kënnst eran*) Wéi dat, se sinn net do. Dat ass dach de Glanz.

Paul Maer sinn wéi ëmmer falsch. Maer missten dach wëssen, dass et kee Sënn mécht virun der Zäit bei d'äi Meedchen ze kommen (*stellt een deen anere vir*) Stuppi, därf ech Daer den Haer Nonzéng virstellen. Irma: d'Mamm!

Irma (*Ganz erstaunt*) Daer sidd dem Krëscht säi Papp. (*an enger ënnerschwelleger Stëmm, well si huet en alen Libhaber erëm erkannt*) Wat ass d'Liewen awer heiandsou esou komesch. (*packt sech nees*) Et freet mech Aech kennen ze léieren, léiwen Haer.

Krëscht D'Freed ass op menger Säit, (*hien huet d'Irma net erëm erkannt a wëll erklären, dass hien net de Papp ass*) mee...

Irma (*ënnerbrécht en*) Dat gläicht mengem Meedchen. Säin zoukënftege Schwéierpapp aleng am Appartement ze loossen. Huet si Aech opgemaach, oder hat Daer e Schlëssel?

Krëscht Di zwee, hat huet maer opgemaach an ech hunn och e Schlëssel. Am Fong...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Irma (*ënnerbrécht en*) Hat ännert sech ni. Hat gëtt jidderengem seng Schlüsselen. Ech hunn jo näischt géint Aech, Daer gehéiert jo och quasi zur Famill, Mee all de Kolleegen en Doubel vum Schlüssel ze ginn (*zum Paul*) Ne Häerzi? (*zum Krëscht*) Fann Daer dat Behuelen normal?

Krëscht Perséinlech fannen ech déi Gewunnecht léif, dat weist en oppent Häerz.

Irma En oppent Häerz. Dann erkläert emol enger Assurance en oppent Häerz wann Daer bis beklaut gi sidd. Ech hoffen mäin Meedchen léiert sech ze bremsen. Et mécht een net aus sengem Studio en Hotel. Wann ee gären an en Hotel wëll, da geet een dohin. (*zum Paul*) Ne Häerzi?

Paul Genau.

Irma A gesi Daer. Ech hu Recht. Ech hunn zum Beispill ni mengen Elteren den Doubel vun de Schlüsselen ginn. An dobäi weess jiddereen, dass ech frou mat hinne war. (*zum Paul*) Ne Häerzi, et stëmmt si waren ëmmer fein mat maer an och mat Daer. (*zum Paul*) Ne Häerzi.

Paul Jo. Mee, ech mengen den Haer wëll Daer eppes soen.

Irma Also, ech hunn deenen ni meng Schlëssele ginn. De Problem beim Nadine ass, dass et einfach en oppent Häerz huet. Ech maachen doraus kee Geheimnis well hat bestuet jo aere Jong. Ech soen et just well et esou ass. (*zum Paul*) Ne Häerzi?

Paul Sécher.

Irma Daer sot maer sécher "Daer sidd seng Mamm déi esou eppes seet" Nee, ech kann do näischt anescht behaupten. (*zum Paul*) Ne Häerzi. Et sëemmt ech sinn seng Mamm?

Paul (*mécht eng Undeutung, dass d'Meedchen an d'Mamm di ganzen Zäite schwätzen*) Dovunner ass de Krëscht elo sécher iwwerzeegt. Ne Krëscht?

Krëscht (*schléisst sech deem un*) Sécher.

Irma (*déi guer net op de Vimumm opgepasst huet*) Ëmmerhin mengen ech objektiv ze sinn. Mäi Meedchen ass wéi jiddereen. Hat huet positiv a negativ Eegenschaften. Ech soe net, dass säi grousst Häerz e Feeler ass, mee eng Schwaachstell. Well et kengem "Nee" soe kann gëtt et di ganzen Zäite ausgenutzt. Mee egal, hat verzeit (*denkt drun, dass hat dat seele mécht*) wann et him opfällt. Hat huet kee stuere Charakter. Aere Jong muss do e Punkt setzen (*zu Paul*) Hat ass weis du. Du kanns och ni "Nee" soen.

Szeen 4

(*Et héiert een e Geräisch.*)

Irma Do ass et. Nadine, Du häss kéinten hei sinn fir eis ze empfänken.

Nadine (*kënnst eran*) Genial, Daer hutt Aech géigesäiteg virgestallt.

Paul Net ganz. Mee ech ka bezeien, dass hien sech all Méi ginn huet. Just e krut ni d'Wuert.

(*Sou wéi seng Mamm, huet d'Nadine och näischt héieren.*)

Nadine Ech hat fir méi spéit mat Aech gerechent. Ech war nach beim Dominique.

Irma Wéi geet et him?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Nadine Schlecht, et ass um Buedem zerschlo.

Paul (zum Krëscht) Bei gudden Deeg ergänzen sech hir Monologen. Oft schwätzen se laanscht eneen.

Irma (zum Nadine) A sou? Et hat jo lo awer e neien.

Paul (zum Krëscht) Wa si schwätzen, brauche maer näischt méi ze soen.

Nadine Jo, mee säin Hond ass elo dout.

Irma Ech wosst emol, dass hat en Hond hat.

Nadine Hat net mee säin Frënd, an en ass elo dout.

Irma Säin neie Frënd ass dout?

Nadine Nee, säin Hond.

Paul (zum Krëscht) Lo ass erëm een vun de schlechten Deeg wou se laanscht eneen schwätzen.

Nadine Et ass dem Frënd säin Hond deen elo dout ass. Hien, hien leeft nach.

Irma Ëm esou besser. Ech schwätzen vun him. Sinn si scho laang zesummen?

Nadine Zënter gudd zwee Méint.

Irma An zwee Méint winnt een sech un esou en Hond.

Nadine Nee, mee säin Frënd ass ganz traureg.

Irma Dat ass normal.

Nadine Jo, mee well d'Dominique ni en Hond hat, fält et him schwéier ze verstoen wéi säi Frënd sech fillt.

Paul (zum Krëscht) Et ginn Deeg jo versicht keen vun der Famill fir mat ze schwätzen

Nadine Virgëschter huet hat him ganz léif virgeworf, hien géif sech zevill Suerge maachen. Weess Du wat hien dorops gesot huet.

Irma Nee.

Nadine Wanns Du stierfs da maachen ech dat och.

Irma Dee Verglach huet him natierlech net gefall.

Nadine Ech fannen do net dat richtegt Wuert, mee ech ginn him Recht. Mee am Kapp vu sengem Frënd war dee Verglach e grousst Zeechen vu senger Léift.

Irma Hat huet et awer sécher net esou verstan.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Nadine Nee, ech verstinn hat. Op de selwechte Niveau wéi en Hond gesat ze ginn an dat wou se zënter 2 Méint zesumme sinn.

Irma Dat ass awer och fréi. *(eng Paus)* Nee ech maachen de Geck. Has Du da net versicht him dat ze erklären?

Nadine Ze spéit. D'Dominique hat hien sëtze gelooss.

Irma Schonn.

Nadine Direkt nodeems hien dat gesot hat, hat hat e virun d'Dier gesat an him gesot e soll sech net méi weisen.

Irma Dat war fir dee Jong wierklech net säin Dag. Fir d'éischt den Hond an dann och nach dat.

Nadine A lo ass d'Dominique onglécklech.

Irma Da soll et bei de Jong goen a sech entschëllegen. *(zum Paul)* D'Männer hunn et gären wa maer Fraen eis bei hinnen entschëllegen. Ne Häerzi?

Nadine Dat hat ech him och gesot. Mee hat wëll sech net vu senger schwaacher Säit weisen.

Paul *(zum Krëscht)* Normalerweis wiesselen se geschwënn d'Thema. Wann da vun Aech riets geet, kënn Daer jo nach eng Kéier versichen Aech virzustellen.

Irma Soll ech mat him schwätzen? Dat Meedche kann mech gudd leiden. Ech hat nach ëmmer e groussen Afloss op hat.

Nadine Dat wier eng Méiglechkeet. Ech ruffe muer sengem Frënd un fir deem ze soen, dass hat onglécklech ass.

Irma So elo wou maer vu Frënd schwätzen, dän léisst op sech waarden.

Paul *(zum Krëscht, well deem elo d'Thema vun der Konversatioun gëtt)* Gesäis de.

Nadine Ma en ass do.

Irma Wou?

Nadine *(weist op de Krëscht)* Ma do.

Irma An der Kichen?

Nadine *(weist nees op de Krëscht)* Nee, do.

Irma Wéi? Si Daer de Krëscht?

Paul Ech ka bezeien, dass hien dat di ganzen Zäite soe wollt. *(eng Paus)* Mee Du hues am Ufank just vun der Problematik vun dengem Meedche geschwat wat jidderengem de Schlëssel léisst.. Duerno hues de erkläert wéi frou 's de mat dengem Eltere bass an zum Schluss war riets vum Dominique sengem Frënd, deem hat wéi en Hond behandelt als Zeechen vu senger grousser Léift.

Irma *(Ënnerbrécht en, zum Krëscht)* Daer sidd also net de Papp?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paul Du gesäis dach, dass en de Jong ass. *(zum Krëscht, an engem Toun wéi wann se zesumme Komplize wieren)* Gidd zou Krëscht! Daer musst dach zouginn, dass Daer engem säi Jong sidd?

Krëscht Jo. Mee leider ass de Papa zu Péiteng an der Séniorie.

Paul Dat sinn d'Nodeeler vum Alter.

Irma Ech hat gemengt Daer wäert de Papp.

Paul Wee mengt dee weess näischt.

Irma Ech si sprachlos.

Paul *(zum Krëscht)* Krëscht, Daer hutt e Wonner fäerdeg bruecht.

Irma Daer wëllt mech uschmieren. Dat ass e Witz.

Paul Ech menge net.

Nadine Mamm, kuck elo net esou dran. Ech si frou mam Krëscht, do ass dach näischt derbäi.

Krëscht An ech si frou mat Aerem Meedchen. Ech fannen do och näischt derbäi.

Irma Mee vun der anerer ...

Nadine Et ass wonnerschéin.

Krëscht Et ass e bëssen ustrengend.

Irma Daer sidd grad esou al wéi maer.

Nadine En ass esou guer 4 Joer méi al wéi de Papp wanns Du et genau wesse wëlls. Ech gesinn do kee Problem.

Irma Déi komme nach. *(eng Paus, si iwwerleet fir e Schëllegen ze fannen. Si kuckt hire Mann. Si huet ee fonnt.)* Et ass däi Feeler.

Paul Mäin?

Irma Natierlech! Et brauch een dofir net Psychologe ze sinn. D'Nadine huet en Ersatzpapp gesicht.

Paul Ech hu guer näischt gemaach.

Irma Du gëss et zou. Du hues näischt gemaach. Du war' s ni fir hat do.

Paul Ech war ëmmer do wann hat aus der Schoul kouw. *(zum Krëscht)* Ech schaffen op engem Ministère.

Krëscht Ech weess.

Irma Deng physisch Präsenz geet net duer.

Krëscht *(mécht de Geck)* Anescht wéi op dem Ministère.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paul (*schockéiert*) Nee, mee sot.

Krëscht Ech sinn och Fonctionnaire.

Paul Dann däerf Daer. Wann een Net-Staatsbeamten dat seet, dann ass dat provokativ. Wann e Kolleg dat seet ass dat an der Rei.

Irma (*ganz verzweiwelt*) Jo. Dat ass di eenzeg méiglech Erklärung. Du war' s als Papp ni genuch do. Et ass wouer, et héiert een ni eppes vun Daer.

Nadine (*zum Irma*) Ma hal mat deem Theater op.

Irma (*zum Nadine*) So Butzi, wëlls Du, dass maer zesummen eng Kéier bei en Psychologe ginn.

Nadine Ech sinn net krank.

Irma Maer ginn zesummen wanns Du wëlls! Nee Du gees mat dengem Papp. Schliisslech ass hien jo och dee Schëllegen.

Nadine Mamm, ech si frou mam Krëscht an ech hu kee Besoin fir bei e Psychologe.

Irma (*zum Paul*) An Du, Du sees näischt?

Paul Wat wëlls de, dass ech soen? D'Nadine huet 25 Joer. Hat weess genau wat et mécht.

Irma Bass Du Daer dees bewusst, dat ass wéi wanns du mat engem Meedchen vun 21 Joer aloosse géifs.

Paul (*verdreemt*) Elo wou' s Du maer dat sees...

Irma Wéi schrecklech. (*zum Nadine*) Dat ass jo sécher just eng Phase?

Paul (*zum Krëscht*) Geschwënn freet se Aech ob Daer net zoufälligerweis en Hond hutt deen al a krank ass an deen Aech duerch säin Dout ganz traureg an onglécklech mécht! Ass dat éieren de Fall?

Krëscht Ech hu just Goldfësch.

Paul Häng Daer un deenen?

Irma (*zum Nadine*) Du hues meng Fro net beäntwert.

Nadine Mamm, de Krëscht ass de Mann vun deem ech ëmmer gedreemt hunn.

Irma (*erschreckt duerch déi Gedanken déi se am Kapp huet*) Wëlls Du domadder soen, dass de keen aneren méi kenne léiere wëlls.

Nadine Genau.

Irma Wéi schrecklech. Du wëlls dech mat esou eppes fir de Rescht vun dengem Liewen zefridde ginn?

Krëscht Madame, ech versécheren Aech, ech wäert hat glécklech maachen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Irma Verzielt déi Dommheeten engem Aneren, mee net maer, Du Sittenmolch.

Nadine Mamm.

Irma Wann ech Sittenmolch soen, setzen ech 2 T.

Paul 30 Joer laang Scrabble.

Irma A mäin Mann, dee Mann deen ni do war a refuséiert huet Responsabilitéit ze droen, ka soen wat e wëll, ech hunn Aech duerchkuckt (*zum Paul*) Sees Du elo näischt?

Paul Dat ass nun emol dem Meedchen säi Goût.

Irma E Goût wéi "Komm leck mer".

Paul Waart. Kuck d'Nadine. Hat huet keng 9 1/2 Joer. Hat huet der 25. Kierperlech ass et gutt gebaut well et gläicht maer, et kuckt ni d'Tëlee (*eng Paus*) en Zeechen vun Intelligenz. Et ass also normal, dass deen Haer sech an hat verkuckt, de Contraire wier jo och beonrouegend.

Irma Villäicht.

Paul Däi Meedchen ass alles mee net domm an de Krëscht ass frou mat him. Et ass esou wéi et ass. A souwéisou kann hien et net wéinst dem Geld gären hunn well dees huet et keent. Et gëtt also näischt Schreckleches. Bass Du do mat maer averstanen?

Irma Jo.

Paul Also so: "Moie Krëscht"!

Irma Moie Monsieur.

Paul Ech hat dech net gefrot fir: "Moie Monsieur" ze soen. Ech hat dech gefrot fir "Moie Krëscht" ze soen.

Irma Moie Krëscht.

Paul Krëscht. Daer kënnt Irma zu him soen.

Irma (*zum Paul*) Mengs De?

Paul Jo!

Irma (*zum Paul*) Gëss Du dann do net jalous?

Paul Du gehéiers net zu sengem Beuteschéma, du bass dofir vill ze al.

Krëscht Komm maer ëmäermelen eis. Schwéiermamm.

(*Irma refuséiert, dat ass zevill.*)

Paul (*wackelt negativ mam Kapp hin an hir*) Komm maer iwwersprangen elo näischt. (*eng Paus*) Ech war vum Hunn op den lesel iwwergang ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Krëscht Et ass net fein esou vun enger Persoun ze schwätzen déi net hei ass. *(Se verstinn näischt)* Den lese! Ii aah!

Paul Gudd Krëscht, dat war bildlech. An ausserdeem ass dat net ganz falsch. *(Paus)* Den Optiker um Eck huet seng Vitrine ganz nei gestalt.

Irma *(vergësst dat ganz)* A sou. An Du has eis näischt gesot.

Paul Ech krut keng Geleeënheet derzou.

Irma Déi muss ech kucke goen, villäicht si flott Sonnebrëller derbäi?

Paul Ech si sécher d'Nadine géif gärén mat Daer matgoen. Allez gidd. Maer Männer bleiwen ënner eis *(mat engem Bléck invitéiert hien d'Nadine hir Mamm matzehuelen)*.

Irma Deen ass genial deen Typ. Permanent ännert hien seng Fënster. Déi virdrun war och ganz schéin.

Nadine Da komm, maer mussen dat kucke goen.

(Se ginn.)

Szeen 5

Paul Elo kënne maer och emol duerchhootmen an eis e kleng Liqueur gënnen. Wëll Daer och een?

Krëscht Gären! Sidd Aech sécher, d'Irma an ech, maer wäerten eis ufrënnen.

Paul Do sinn ech maer sécher.

(Et ass laang roueg. Et gesäit een wéi de Paul zwee Glieder ausschütt.)

Krëscht Ech wëll Aech Merci soen, dass Daer mech akzeptéiert hutt.

Paul Aus Prinzip stellen ech mech net géint e Choix vu mengem Meedchen.

(De Krëscht fillt sech net wuel, well hien weess net wéi hien dat ophuele soll.)

Krëscht Daer kënnt Aech net virstellen wéi d'Leit eis dobausse bekucken wann maer eis ëmaarmen. Ech mengen wann hir Gedanke een ëmbréngé kéinten, wiere maer scho laang dout. Et si lauter Revoluzzer.

Paul Dat ass normal. D'Männer géife gärén mat Aech tauschen an d'Frae sinn jalous well se wëssen wat hir Männer denken.

Krëscht Gudd, dass dat dem Nadine egal ass. Ech mengen hat provozéiert gärén. Et mécht em richteg Spaass.

(Eng Paus an dann attackéiert de Paul.)

Paul Dass Daer gärén e Meedchen vun 25 Joer bei Aech am Bett hutt, schéint maer ganz normal. Ech sinn jo och net ëmmer trei. Mee dat esou dohin ze stellen wéi wann dat eng Revolutioun wier.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Krëscht Ëmmerhin. D'Nadine an ech halen net op di gefleegte biergerlech Gewunnechten.

Paul Nee, mee Daer loosst déi nees opliewen.

Krëscht Just de Konträr.

Paul Sot elo net de Louis 15 hätt, wéi en dem "du Barry" Blumme ginn huet, eng Revolutioun preparéiert.

Krëscht Dat ass jo net ze vergläichen.

Paul Hat war 33 Joer méi jonk wéi hien.

Krëscht D'Nadine ass jo och net meng Maîtresse. Ech wëll hat bestueden a Kanner mat him kréien.

Paul An deem Fall komme maer bei di grouss Industriell aus den 19te Joerhonnert. Déi hu bis Mëtt 40 geschafft an hunn sech dunn mat engem Meedchen vun em di 17 bestuet wat se an e Klouschter sicke gaange sinn.

Krëscht D'Nadine huet keng 17.

Paul Daer sidd jo och keng 40. Gleeft maer. Als Koppel wier Daer am 19te Joerhonnert guer net opgefall.

Krëscht Louis 15, d'Industriellen aus dem 19te Joerhonnert. Hu Daer net nach esou e schmeechelhafte Verglach?

Paul Dach. Di russesch Mafiosien déi ech am Wintersport gesinn hunn. Ech si maer sécher wann Daer deenen hir blond Begleedung gesinn hätt, dann hätt Daer si mam Trotski verglach. Ënner eis dee Verglach hätt hinne sécher Spaass gemeet.

Krëscht Ech fäerten, dass dat dem Nadine guer net gefällt.

Paul Normal. Hat gött gären mat der Rosa Luxembourg oder mat der Madame Bouvary verglach.

Krëscht Am Resumé. Aech gefällt eis Bezéiung och net.

Paul Genee. Mee ech maachen och näischt fir se ze ënnerbannen.

Krëscht Dat géif Daer och net fäerdeg bréngen.

Paul Genee.

Krëscht Well maer eis gären hunn.

Paul Nee, well ech säi Papp sinn.

Krëscht Mam Risiko Aech nach méi den Dag ze versauen. Maer plangen zesummen ze wunnen.

Paul Ma dann "Bon courage". (eng Paus, de Paul erkläert) Mäi léiwen Alen, Daer hutt dat einfachst hannert Aech, ze gefalen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Krëscht Meng Daer et wier einfach gewiergt him ze gefalen?

Paul Daer dirigéiert de Gesanksveräin. Eng Autoritéitspersoun. Ideal.

Krëscht Macht Aech keng Illusiounen. An der Chorale sinn och Jongen déi gefale wëllen.

Paul Kleng Bouwen fir esou e räift Meedchen. Fir deene Meeschter ze ginn, ass et duer gaang just dee Rouegen a Schlaunen ze spillen. Wéi all schnësseg Fraen steet mäi Meedche op di roueg. Ech weess dat, esou sinn ech och bei senger Mamm gelant. Ausserdeem aeren Alter erlaabt et Aech, e puer philosophesch Gedanken vun Aech ze ginn. Éierlech, Daer hutt wéineg Verdéngschter. Fir de Moment ass et vun aerer Ausdauer begeeschtert. Ech huelen un Daer dreift et am Auto.

Krëscht D'Leidenschaft ass do méi grouss wéi all Confort.

Paul Wann Daer 20 Joer al wäert, géif et Aech guer net bekucken. Mee well Daer esou al sidd wéi säi Papp, gi Daer him quasi d'Erlabnis Saachen ze maachen déi, bis ewell, fir hat verbuede waren. An dat erfreet hat. Daer hat bis ewell just Chance. Wann d'Police Aech bis eng Kéier iwwerrascht gi Daer Bonnie a Clyde.

Krëscht Denkt wat Daer wëllt, d'Passioun huet eis iwwerwältegt.

Paul Fir e Mann deen esouvill Selbstwaert huet, chapeau. Daer musst hat wierklech wëllen!

Krëscht Ech ginn et zou.

Paul (zum Publikum) An da soen se ëmmer et wier d'Fra déi d'Verlaangen hätt.

Krëscht Hat schéint glécklech ze sinn.

Paul Ech si frou, dass hat dat Gefill huet. Ech sinn Aech do dankbar.

Krëscht D'Frae vun deen groussen Industriellen am 19ten Joerhonnert hunn et net oft am Auto gedriwwen.

Paul Do gouf et nach keng. (eng Paus) Egal wéi, di jonk Meedercher ware sécher scho gro ier se hiren Schwéierelteren virgestallt goufen oder hir Elteren sech iergere konnten. D'Zäiten hu geännert. Wat fréier verbuede war geet haut, mee di mënschlech Gefiller si bliwwen.

Krëscht Daer wäerft maer jo sécher net fir ech géif hat manipuléieren?

Paul Nennt et wéi Daer wëllt, esoulaang Aer Manipulationen hat glécklech maachen.

Krëscht Fir wat sollten déi da nätzlech sinn?

Paul Fir hat ze behalen. Ech hunn Aech et gesot, Daer hutt dat liichtst hannert Aech. Elo wou hat Aech erleeën ass, muss Daer Aech dru ginn fir hat ze behalen. Mäi léiwe Krëscht, Daer kritt et nach mat der Angscht ze dinn.

Krëscht Ech hunn nach ëmmer gesot, dass hat e fräie Wëllen huet a goe kann wann hat wëll.

Paul Dat sinn esou Floskelen déi ee seet esou laang keng Gefor besteet. Mee waart emol wann et eescht gëtt, dann ännert Daer Aer Meenung. Daer wäert gesinn.

Krëscht Daer hutt do e schwaarzen Humor.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paul Kloer denken. Kloer denken mécht d'Leit glécklech.

Krëscht Ech denken villäicht manner kloer wéi Daer. Mee gleeft maer ech sinn och glécklech.

Paul Äert Gléck wäert net unhalen.

Krëscht (*an engem skeptischen Toun, mee ganz kloer*) Jo ech wäert nach Angscht hunn.

Paul Dat schlëmmst mäi léiwe Krëscht, dat wäert den Altersënnerscheed ginn. All Kéiers wann hat Aech an e Jong a sengem Alter virstellt, wäert hat Aech ouni et ze wëllen, un Aeren Alter erënneren. An déi Erënnerung wäert Aech Aer Laun verdierwen. Déi schlecht Laun wäert Daer hir schlecht erkläre kënnen. (*eng Paus*) An ausserdeem hat huet eréisch 25 Joer. Do huet een nach Dreem.

Krëscht Maer hunn der, sidd Aech dees bewosst.

Paul Wéi eng? Dat gemeinsaamt Haus wat Daer versprach hutt him ze bauen. Dat ass just en Dram, e Plang. E Plang vun engem Mann deen nach dat ganz Liewen fir un sech huet an deen sech op seng Pensioun virbereet. Gleeft maer, wann hat bis eng Kéier mat deenen 2 Féiss um Buedem steet, da wäert hat sech langweilen. Mäi Meedchen dreemt net dovunner an engem Haus al ze ginn. Hat wier gäre Sängerin, esou wéi Daer a sengem Alter.

Krëscht Ech kann mech net erënneren Aech gesot ze hunn wat meng Jugenddreem waren.

Paul Et dirigéiert ee kee Gesangsveräin mat 55 Joer wann ee net mat 20 Joer gedreemt huet fir Sänger ze ginn.

Krëscht Jiddereen deen eng schéin Stëmm huet dreemt esou eppes, mee meng Erfahrung hëlleft him méi reell ze kucken.

Paul Wann dat net seng Bestëmmung ass, da soll hat selwer dorop kommen an net Daer. (*eng Paus*) Huet hat Aech ni vu senger Bestëmmung verzielt?

Krëscht Ganz wéineg. Fir éierlech ze sinn ëmmer manner.

Paul Mäi Meedchen ass ganz gefillvoll. Hat huet sécher matkrut, dass wann hat vu sengem Dram schwätzt, Daer feststelle musst, dass Aer Dramblos geplatzt ass.

Krëscht Daer hutt eng spatz Zong, mäi léiwe Paul. Am Platz dem Nadine Virwërf ze maache wou Daer wësst, dass se näischt bréngen, versicht Daer mech ze iwwerzeegen, dass ech hat verlooosse soll. Mee dat maachen ech weder fir säin nach fir mäin Wuel. Daer wäert gudd an der Politik gewiergt. Daer sidd glat wéi en Éil. Mee et deet maer leed, fir dass eis Bezéiung ophält, muss hat Schluss maachen.

Paul Hat wäert dat maachen sidd Aech dees sécher. Ech hunn e Kand op d'Welt gesat wat mat 2 Féiss um Buedem steet an net eent wat kleng bäi gëtt just fir bei de Leit gudd do ze stoen.

Krëscht Hat wier net di éischt Fra wat mat 25 e Kand wëll an duerno glécklech ass fir bei deem ze bleiwen. An ech wier sécher och e gudd Papp.

Paul Dat gleewen ech Aech. Mee wann dee Klengen 10 Joer al ass, si Daer en ale Pensionaire.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Krëscht Dann hätt ech dee ganzen Dag Zäit fir en.

Paul Mäi Meedchen huet der dann 35. Sot elo net hat wier net dat eenzeg wat dann voll a Liewe steet an en Alen doheem bei sech wunnen huet. Oder hat wier net dat eenzeg wat mat 50 een doheem ze pfelegen hätt. (*De Krëscht mécht wéi wann hien protestéiere wéilt.*) Daer hutt dann 80 Joer. Hatt wier dann och net di éischte Wittfra mat 60 Joer. Ech wier maer do net sécher, dass hat glécklech ass wann hat zu sengen alen Deeg aleng do steet.

Krëscht Ech hunn am viraus un Alles geduecht. Gleeft maer, mäin groussen Egoismus ass do di beschten Liewensversécherung.

Paul Daer schwätzt vill vu Geld.

Krëscht Ech passen mech un. Daer hutt mech virdrun mat de groussen Industriellen aus dem 19te Joerhonnert verglach déi anscheinend hier Fraen onglécklech gemaach ...

Paul (*ënnerbrécht*) Liest Bicher vu fréier.

Krëscht (*fiert weider*) ... an hinne vill Suerge gemaach hunn.

Paul Nee si hate keng Suergen.

Krëscht Wéi hu se dat da gemaach?

Paul D'Religioun mäi Léiwen. Heiansdo froen ech mech op déi net vu Leit iwwer 50 gemaach gouf just fir sécher ze stellen, dass hir Fraen déi der just 20 waren trei bliwwen sinn. Freier géif e Mann vun Aerem Kaliber sech mat engem Meedchen wéi mengem bestueden wat nach Jongfra wier a guer keng eege Meenung iwwert seng Zukunft hätt. An den Haer Paschtouer géif et drun erënneren, dass et sech u säin Versprieche ze hale hätt well schlussendlech huet et dat jo an der Kirch virum Herrgott versprach. Wat komesch ass an esou enger traditioneller Gesellschaft wier ech och nach aere Verbündeten. Ech hätt Aech warscheinlech esouguer mengem Meedchen presentéiert. Leider wunnt Daer an enger Géigend an an enger Zivilisatioun wou datt net méi de Fall ass. D'Frae maachen wat see wëllen a genéissen hiert d'Liewen. D'Gléck ass eng Saach vun Epoque a Geographie.

Krëscht Wann hat glécklech well sinn, muss hat mech setze loossen.

Paul Bravo Krëscht! Aere Resumé begeeschtert mech. Wa meng Fra esou zesumme faasse kéint wier et hei am Haus vill méi roueg.

Krëscht Wat hu Daer eigentlech géint mech?

Paul Iert Aech do net, Daer sidd am Fong sympathesch.

Krëscht Wat ass et dann?

Paul Ech sinn net aere beschte Frënd, ech sinn de Papp vu mengem Meedchen.

Krëscht Daer sidd e Feind dee versicht ëmmer méi Sauereien ze maachen.

Paul Nee. Déi hunn ech scho gemaach (*eng Paus*) Ech hu mengem Meedche bäibruecht mat 2 Féiss um Buedem ze stoen fir, dass hat selwer säi Wee geet ouni op iergendeen ugewise missen ze sinn. Ech hunn him an Allem esou vill Vertraue ginn, dass hat wann et esou wäit ass de Mutt huet eegen Decisiounen ze huelen. Sou hunn ech hat gezillt.

Krëscht Daer schéint Aech do Aerer Saach sécher.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paul Hat wäert net bis un d'Enn vun Aerem Liewen bei Aech sinn. Daer entschëllegt mech, wann dat mech net traureg stëmt.

Krëscht (*e bëssen destabiliséiert*) Wéini kommen se erëm?

Paul Geschwënn. Wësst Daer wat maer zesumme maachen während maer op si waarden. Maer prosten op d'Fräiheet.

Szeen 6

(*Si drénken, d'Frae kommen erëm, de Krëscht ass niddergeschloe.*)

Krëscht Maer hunn op d'Fräiheet gedronk.

Nadine Ech wousst, dass Daer Aech mateneen verstoe géift.

Irma (*füügt bäi*) Krëscht, ech wëll Aech soen, dass Daer ëmmer bei eis wëllkomm sidd.

Paul Huesi do feelt eppes. Fänk nach eng Kéier un a betoun dat ganz.

Irma Ech heeschen Aech Wëllkomm an eiser Famill.

Paul Gesäis de esou ass et vill besser.

Irma Dat ganz schléit maer op d'Blos.

Paul Wat sees de?

Irma Ech muss pisse goen.

Paul Dat ass jo e normaalt Bedierfnis. Mäin Huesi géi pissen.

(*D'Irma geet.*)

Szeen 7

Paul Bei esou Emotiounen kann hat sech ni paken. Berouegt Aech Kanner, hat wäert sech dru winnen.

Nadine Egal wéi, si huet kee Choix. Ech war ganz kloer. De Krëscht an ech, gehéieren zesummen. Et akzeptéiert een eis ëmmer am Pack. Eenzel wäert keen eis gesinn. D'Trennung vun Aech wäert maer schwéier falen, ech sinn esou frou mat der Mamm.

Paul Daer sidd awer och eng Kludder, et ass heiansdo schwéier bei Aeren Diskussiounen zu Wuert ze kommen.

Nadine Ech zielen ob dech fir hir ze soen, dass ech seriöe sinn.

Paul Krëscht, bewonnert d'Temperament vu mengem Meedchen. Egal wéi no et un engem hänkt et fënnt ëmmer e Wee fir sech ze trennen wann et spiert, dass doduerjer hiert Gléck leid.

Nadine Genau (*eng Paus*) Ass dat falsch?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paul Du kanns Daer net virstellen wéi deng Ch.arakterstäerkt mech berouegt Am Fong, *(betount den "eis")* eis berouegt! Gell Krëscht?

Nadine *(zu deenen zwee)* Wat hunn ech eng Chance Aech zwee ze hunn.

Paul Dat gleewen ech och.

Szeen 8

Irma *(kënnst nees erëm)* Léiwen Haer Daer musst mech entschëllegen. Ech war virdrun e bëssen erstaunt. Aech war dat sécher opgefall. *(De Krëscht bougéiert net mee si mécht wéi wann hien verneent hätt)* Dach gidd et zou. Et ass Aech sécher opgefall.

Paul Dat huet hien net gesot.

Irma Egal wéi et deet maer schrecklech Leed.

Krëscht Daer hutt Aech jo schonns entschëllegt.

Irma *(zum Paul an zum Nadine)* Kënn Daer mech w.e.g. elo eng Kéier mat mengem zoukënftegen Eedem aleng loossen?

Paul Mat wiem?

Irma Ech wollt just froen ob Daer mech eng Kéier mat mengem Eedem aleng loosse kéint?

Paul Wéi?

Irma An deem Daer erausgitt. Du kanns eis och eventuell aleng loossen andeems Du zur Fënster erausflitts, mee ech roden Daer vun dëser Technik of. Huel einfach d'Dier. Du bass kee Vull an dat ass och ze geféierlech.

Paul Fir wat?

Irma *(mécht wéi wann et express d'Fro falsch verstanen hätt)* Well maer hei um 5te Stack sinn.

Paul *(erkläert sech)* Fir wat wëlls Du mam Krëscht aleng sinn?

Irma *(zum Publikum)* Hu Daer scho gesinn wéi domm e Mann ka sinn? *(zum Paul)* Wann ech wëilt, dass Du et weess, géif ech dech net froen fir eis aleng ze loossen.

Nadine Komm Papp. Du krus jo och d'Geleeënheet fir mam Krëscht aleng ze sinn. An ech mengen d'Mamm an Du hutt eng Gemeinsamkeet.

Irma Eng gudd Iddie. Géi kaf maer déi Gemeinsamkeet, déi géif ech gäre gesinn.

(Se ginn.)

Szeen 9

Irma Endlech aleng, léiwen Eedem.

Krëscht No dem "Tête à tête" vu virdrun, erwaarden ech maer elo alles.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Irma D'Liewen ass heiansdo voller Iwwerraschungen.

Krëscht Dat sot Daer gudd.

Irma Also. Ënner eis, wien hu Daer léiwer? D'Mamm oder d'Meedchen?

Krëscht Wat gelift?

Irma De Virwëtz ass legitim fir eng Mamm? De Virwëtz ass rar gestëllt, dofir erlaabt maer dovunner ze profitéieren.

Krëscht Nom Papp dee mech mat engem Giischtchen verglach huet wäert ech jo elo net der Verféierung vun der Mamm ausgesat sinn.

Irma Macht elo net de Geck, sot elo net Daer hätt mech wierklech net erkannt.

Krëscht Ech verstinn näischt.

Irma Dat ass de Beweis dass een de Männer net gleewe kann wann se soen "Du hues dech awer och guer net geännert". (eng Paus) Am Hotel Mercure viru gudd 20 Joer. Eis 5 bis 7 Mol hunn net laang ugehal. Maer haten jo awer sécher zesummen vill Spaass.

Krëscht (erkennt d'Irma erëm) Merde.

Irma Charmant.

Krëscht Irma.

Irma Genee.

Krëscht Ech hat däi Familljennumm vergiess.

Irma Well ech Daer e net ginn hat. Heiansdo geet de Virnumm duer.

Krëscht Du hues Daer sécher Gedanke gemaach wéis Du et gewuer goufs.

Irma Däi Familljennumm ass en Allerweltsnumm an ech verhale ni de Virnumm vu mengen Ament 'en (zum Publikum) Ech nennen se all Häerzi, dës Technik erlaabt et maer mech ni ze ieren. Sou di Damen, villäicht hëlleft dat Aech och.

Krëscht Du hues dech guer net geännert.

Irma Du och net. Dee selwechte Ligener wéi ëmmer.

Krëscht Fir wat sees du dat?

Irma (erkläert) Wann ech mech net geännert hunn, wéisou hues Du mech dann net erëm erkannt?

Krëscht Dat stëmmt. Mee elo wou ...

Irma (ënnerbrécht) Elo wou' s Du et weess erkennst Du mech och.

Krëscht Lo wou maer aleng sinn, ech fannen dech nach vill besser wéi virdrun.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Irma Hält 's Du mech fir blöd?

Krëscht E bëssen.

Irma Ech sinn et gewinnt mech e bëssen bei mengem Mann domm ze stellen, da fillt hien sech méi valoriséiert. Den eegenen Mann brauch dat.

Krëscht A wéi ass et bei deenen aneren?

Irma Maer Frae mussen eis bei deenen méi verspillt weisen, wéi maer wierklech sinn.

Krëscht Dat heescht Du spills vun Ufank un dat dommt bei dengem Mann.

Irma Komm maer soen, ech loosse mech goen. Bei Daer hunn ech opgepasst. Ech hat mech ënner Kontrolle. 5 bis 7 Mol war de Maximum, soss gëtt et zevill ermiddend.

Krëscht Has Du mech direkt erkannt wéi ech era komm sinn?

Irma Jo, mee Du weess, ech konnt näischt soen.

Krëscht Et wier schlëmm wann d'Nadine dat gewuer géif.

Irma Et huet keen vun eis Interêt him eppes ze soen. Maer hunn allen zwee eng Läich am Keller.

Krëscht Genau. A wéi ass eist Abenteuer eriwuer gaangen?

Irma Hues Du dat vergiess? Du verhäls just dat wat' s de wëlls.

Krëscht Ech hat es genuch meng Fra ze bedréien. Ech hunn en treit Temperament.

Irma Dovunner hunn ech sengerzäit näischt matkrut.

Krëscht Aus der Ursaach hu maer eis net méi dierfen erëm gesinn.

Irma Du aarme Krëscht. Wann d' Initiative vun Daer ausgaange wier géifs Du dech drun erënneren.

Krëscht Wëlls Du domadder soen?

Irma Genee.

Krëscht Fir wat?

Irma Ech weess net méi fir wat. Ech halen no 5 bis 7 Mol aus zwou Ursaachen op. Entweder well ech an zwëschen eppes Besseres fonnt hunn oder well ech ufänken mech zevill un een ze bannen. Ech si frou mat mengem Mann. Ech maachen dat just fir Spaass ze hunn, net fir en ze verléieren.

Krëscht Ech weess net méi fir wat et bei eis Schluss war.

Irma Ech maache kee Schluss, ech kommen einfach net méi erëm.

Krëscht Dat ass awer net couragéis.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Irma Mee efficace.

Krëscht Has Du vill Daer esou Aventuren?

Irma Immens vill an heiansdo hunn ech der nach. Fir eng Fra mat mengem Temperament sinn esou kleng Aventuren noutwenneg. Et brauch een se wann een säi Mann e Liewe laang behale wëll ouni, dass een akzeptéieren muss, dass een onglécklech ass.

Krëscht An Du mengs, dass d'Nadine ...?

Irma ... dat selwecht Temperament huet wéi ech? Du bass deen eenzege Mann deen dat weess.

Krëscht Ech schwätze net vu sengem Temperament, ech schwätzen dovunner, dass hat och méi Frënn huet.

Irma D'Temperament erkläert di sëllege Frënn.

Krëscht Du bass awer sympathesch.

Irma Ech schwätzen als Mamm wat sech Suergen ëm d'Gléck vun hirem Meedche mécht (a *betounend*) an als een deen d'Ursach kennt.

Krëscht (*schockéiert*) Dat ass eng staark Behauptung.

Irma Ech soe jo net, dass Du näischt daachs. Fir éierlech ze sinn, ech kann mech net méi drun erënneren. Mee och a sengem Alter, hunn ech mech méi al beholl wéi ech wierklech war. Elo kann ech maer dat net méi erlaben. Wann een e gewëssen Alter huet, dann huet een seng Erfarungen gemaach. Dat weess Du dach sécher och.

Krëscht Weess däi Mann vun dengen Erfarungen déi' s Du gesammelt hues?

Irma Em Gottes Wëllen.

Krëscht Géif en dech verloossen?

Irma Nee, mee da géif e sech keng Virwërf méi maachen wann hien friem geet.

Krëscht Wéi hien och?

Irma Natierlech! Just e mécht sech Virwërf. A sech permanent schëlleg fillen, mécht mech geckeg.

Krëscht Ech hoffen Daer hutt d'Nadine net esou erzunn.

Irma So. Virun 20 Joer waars Du net esou pafeg.

Krëscht Ech sinn net pafeg. Ech sinn méi räif. D'Liewen erlaabt eis eng Weiderentwécklung. An ech wëll, dass d'Nadine sech duerch mech weiderentwéckelt. Irma.

Irma Wann d'Nadine sech mat Daer weiderentwéckele wëll, hënnert keen et drun. Maer hunn hat ouni Zwäng erzunn. Hat brauch bei kengem Rechenschaft ofzeleeën.

Krëscht De fräie Wëll.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Irma Genau. Hat ka maachen wat et wëll ouni engem wéi ze doen. Hat huet de Paul a mech erlieft. Ech kenne keng méi zolidd Koppel.

Krëscht Ech verstinn. Mee maer ginn eng ganz aner Koppel.

Irma Dat ass Äert Recht. Hoffen, dass dat ni e Problem gëtt.

RIDDO

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Ech sinn ze Al! Ass et dat?"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de